



Zukunft. Dat kënnen souwuel déi sinn, déi direkt am Gremium dra sinn, mee et kann och Expertis vu baussen beméit ginn, wat sécherlech vu grousssem Interesse ass jee no Theema, op deem ee schafft, wou ee vläicht net onbedéngt op Dauer en Expert brauch, awer vläicht punktuell op engem bestëmmten Theema, wou ee sech ka Leit bäischalten.

A kuerze Wierder: Et geet drëms, dass Qualitéit net just e Mythos bleift, mee dass mer hei wierklech eng Institutioun hunn, déi eis duerch hiert Schaffen eng Basis gëtt, eng Basis, déi dann den öffentliche Debat kann alimentéieren. Asoufern sinn ech och iwwerzeegt, dass dat heite kee politescht Instrument ass. Déi Informatiounen, déi opbereet ginn, déi dénge justement dozou, lech alleguerten, eis alleguerten, de Leit dobaussen déi Informatiounen esou opzebereeden, déi ee brauch, fir da kënnen e politeschen Debat ronderëm d'Gesondheetsspolitik ze féieren.

Et ass net d'Aarbecht selwer, déi eng politescht Aarbecht ass. Dat ass den Input, dee mir alleguerten zesumme brauchen, fir wierklech an aller Transparenz da kënnen iwwer Gesondheetsspolitik ze schwätzen an och Iddien ze developpéieren.

Wourëms geet et elo?

Et geet drëms, schnellstméiglech dësen Observatoire mat Liewen ze féllen. Dat ass och méi séier gesot wéi gemaach. Ech mengen, et ass wichteg, sech hei elo déi néideg Zäit ze huelen, déi richteg Leit en place ze kréien, sech och eng Methodologie de travail ze ginn, ze iwwerleeën, wat d'Prioritéite solle sinn, op deene geschafft gëtt. Eng Rei Attributione si vum Gesetz virgesinn, mee doriwwer eraus si sécherlech ... Ech sinn iwwerzeegt, jiddwer Einzelnen huet Iddien, wouop dësen Observatoire scho kéint a sollt a misst schaffen. A fir mech ass et wichteg, an der éischter Phas effektiv elo déi néideg Zäit anzekloen, fir dëse Gremium anstänneg opzustellen, dass déi Leit sech fannen an dass een da vun do aus eng seriö Aarbecht an Zukunft ka maachen.

Ech begreissen dofir och de Wonsch, fir eng Kéier e Bilan ze zéien, sief et schonn eng Kéier no zwee Joer, fir ze kucken: Wat ass dann elo ginn aus dësem Observatoire? Am Moment ass dat eng Co-queue vide. Mir hunn alleguerten eng Iddi ronderëm. Mir hunn eng Basis am Gesetz. Mee elo geet et drëms, déi richteg Leit och ze fannen, en place ze setzen, Prioritéiten ze setzen. An do kann et no zwee Joer sécherlech schonn e gudde Moment sinn, fir ze gesinn, wat aus dem Bëbee ginn ass.

Doriwwer eraus, fir eng Evaluatioun, eng éischt Evaluatioun vun der Aarbecht selwer, schéngt mer den Delai, dee genannt ginn ass, vu fënnf Joer méi appropriéiert. Ech mengen, dat brauch Ulfazäit. D'Leit mussen d'Zäit hunn, déi Aarbecht do och an der Déift kënnen ze maachen, soudass ech deen duebelen Delai eigentlech ganz interessant fannen, fir eng éischte Kéier e Bilan ze zéien: Jo, wou sti mer mam Observatoire? Wéi schafft deen Observatoire? Wéi ass en opgestallt? Wat si seng Prioritéiten? Wat ass säi Programme de travail, deen e sech gëtt? Et gëtt eng Verwaltung. Ech erënneren drun, dass all Verwaltung sech en Aarbechtsprogramm ze ginn huet, en Dräijoresplang. Och dës nei Verwaltung wäert dat musse maachen. An dat alles brauch Zäit a soll och déi néideg Zäit huelen, déi et da brauch, fir e seriösen Output hinze kréien.

De Wee ass also nach e laangen. Ech freeë mech jiddefalls. Et ass e ganz ambitiöse Projet. Ech kann lech op alle Fall versécheren, dass ech mäint wäert dozou bäidroen, dat heiten esou gutt wéi méiglech gestart ze kréien, an hoffen dann derbäi ze si bei deene Rendez-vousen, déi mer eis ginn, fir ze presentéieren, wat aus dësem Observatoire ginn ass. Et ass e wichteg Instrument fir eist Land. Et ass en Instrument, dat gefeelt huet an eisem Envrionnement, dee mer ronderëm d'Gesondheetsspolitik hunn, an dat waart nëmmen drop, geféllt ze ginn.

Voilà. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Gesondheetssministesch.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7332. Den Text steet am Document parlementaire 7332¹⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7332 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wellen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly

Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Motioun, déi vun der ADR-Sensibilitéit deposéiert ginn ass, wou eng onofhängeg Evaluatioun vum Observatoire no fënnf Joer gefrot ginn ass.

Motion 1

Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun huelen? D'Madamm Francine Closener kritt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).**- Jo, villmools merci, Här President. Ech wollt dem Här Reding Merci soe fir déi Motioun. Ech mengen, et ass an eiser aller Interêt, dass mer eng Evaluatioun vun deem Observatoire maachen. Et ass jo fir d'éischte Kéier, dass mer esou e Gremium hei schafen, a mir hu jo vill dorunner geschafft. An ech mengen, dass mer och wëlle séchergoen, och als Chamber, dass bei deem Gremium genau dat erauskënnt, wat mer eis virstellen.

Duerfir géif ech proposéieren, déi Motioun unzehuelen an eeben a fënnf Joer genau esou eng Evaluatioun ze maachen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Closener.

Kënnen mer à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

7. 7480 - Projet de loi modifiant :

1° la loi du 16 mars 2009 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide ;

2° la loi modifiée du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient

An da kéime mer zum Projet 7480. An ech géif der Rapportrice, der Madamm Cécile Hemmen, d'Wuert zu dësem Projet ginn, fir deen de Basismodell als Riedezäit festgeluecht ass. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.**- Très bien!

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Eigentlech ass dëst e Gesetz, wou et haaptsächlech drëms geet, fir zwou respektiv dräi Ännerunge virzehuelen, dovunner zwou um Gesetz vum 16. Mäerz 2009 iwwert d'Euthanasie an d'Stierfhëllef an eng Ännerung um Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Patienten. Et ass e ganz schwéiert Theema, dat un dës Gesetzter geknäppt ass, an eleng duerfir ass et mer och wichteg, fir e klengen historesche Réckbléck ze maachen.

Wéi d'Gesetzter iwwert d'Soins palliatifs an dat iwwert d'Stierfhëllef am Dezember 2008 hei an der Chamber gestëmmt goufen, war dat den Ofschloss vu längeren a ganz kontroversen Diskussiounen an Debaten.

En Débat d'orientation an der Chamber gouf et schonns am Mäerz 1999. Deemools stoung dat souzesoen e bëssen a Relatioun mam Euthanasiegesetz an Holland, dat am Joer 2000 gestëmmt gouf. D'Belsch ass du kuerz drop nogezunn.

Am Februar 2002 war den Depot vun enger Proposition de loi 4909 vun eiser Parteikolleeigin Lydie Err an dem Jean Huss vun déi gréng, 2003 den Débat d'orientation hei an der Chamber mat Rapport vun der Commission spéciale éthique iwwert d'Médecine palliative, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie. An deem Rapport war et de Constat vum Droit à l'autodétermination an dem Refus vum Acharnement thérapeutique, dem Recht och op Soins palliatifs, den Traitements adéquats de la douleur an engem gudden Accompagnement um Liewensenn.

A Saachen Euthanasie ass dës Commission spéciale éthique sech awer net esou ganz eens ginn. Fir déi eng huet e Recht op Stierfhëllef zum Recht op Autodétermination gehéiert, fir déi aner war dat moralesch net akzeptabel an et war eng Atteinte à la vie.

Am Dezember 2008 war schlussendlech de Vott vun de Gesetzter iwwert d'Soins palliatifs, d'Directives anticipées an den Accompagnement en fin de vie an iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide.

Deemools, Dir Dammen an Dir Hären, gouf op verschiddene Säite gefaart, et géif zu engem reegerechten Euthanasietourismus kommen hei zu Lëtzebuerg. Dat war awer net de Fall. Och leien d'Demanden, fir vun der Stierfhëllef Gebrauch ze maachen, bei enger Moyenne vu ronn siwe Fäll pro Joer.

Nach e klenge Bilan vun zéng Joer vun 2009 bis 2018, dat Joer, an deem mer dee leschte Rapport presentéiert krute vun der Commission d'évaluation. Am Ganzen hunn an zéng Joer 71 Persoune gefrot, fir Hëllef beim Stierwen ze kréien. Allgemeng goufen dës Demandë vun de Betraffenen an der Situatioun selwer formuléiert. Nëmmen an engem Fall ass eng Euthanasie virgeholl ginn opgrond vun enger Demande, déi am Virus an der Disposition de fin de vie ausgedréckt gi war. An der grousser Majoritéit waren et Persoune iwwer 60 Joer, déi eng Euthanasie gefrot hunn. Praktizéiert goufe se zum gréissten Deel am Alter vu 40 bis 71 Joer am Spidol, 20 Persoune sinn doheem mat enger Stierfhëllef gestuerwen an eng 10 just an de Strukturen.

Meeschtens, an dat an 58 vun 71 Fäll, hunn déi Betraffen un enger Kriibserkrankung gelidden, a 7 un enger Maladie neurodégénérative. Zweifel, ob elo d'Konditiounen vum Gesetz erfëllt waren - also de fräi ausgedréckte Wëlle vun deem Betraffenen, deen an enger „situation médicale sans issue“ ass an deem säi physescht a psychescht Leide „constant, insupportable et sans perspective d'amélioration“ ass, an dass den Dokter och all Oplage vum Gesetz erfëllt -, gouf et bei der Commission de contrôle et d'évaluation bei kenger vun dësen 71 Euthanasien.

Just als Informatioun: Bis Enn 2018 goufen 3.317 Dispositions de fin de vie enregistréiert.

Mëttlerweil, zwielef Joer nom Vott vum Gesetz iwwert d'Euthanasie an d'Stierfhëllef, ginn dann haut mat dësem Gesetz dräi Upassunge gemaach, déi sech opgrond vun der Erfahrung als ganz néideg erweisen hunn. Et si wichteg Ännerungen, déi och zanter Jore vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation an hire Rapporte proposéiert, jo souguer gefrot goufen.

Esou gëtt am Artikel 6 vum Gesetz vum 2009 en neien Alinea bäigefüügt, dee sech op d'Zesummesetzung vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation bezitt. Et sinn néng Memberen an där Kommissioun, déi zesummekënnt, wann eng Demande fir eng Stierfhëllef virläit, a si kann och nëmmen tagen, wann och op d'mannst siwe Membere present sinn. An der Praxis ass et net ëmmer einfach, fir d'Reunioune vun där Kommissioun ze organiséieren, wou jo de Quorum muss erfëllt sinn. Et war wichteg, fir do eng Léisung ze fannen an och nozebesseren, well d'Problemer beim Fonctionnement vun där Kommissioun riskéieren, zu Delaien a Waardezäite bei der Analys vun der Demande vun enger Euthanasie ze féieren.

Esou gi mer mat dësem Gesetz op de Wee, fir dass all Member och e Membre suppléant sollt hunn. Opgrond vum Avis vum Staatsrot gouf preziséiert, dass d'Membres suppléants no den nämmlechte Krittären designéiert gi wéi d'Membere selwer, soudass déi ursprénglech Kompositioun vun dëser Kommissioun sech deemno net ännert, dat heescht dräi Dokteren, dräi Juristen, ee Vertrieder vun de Professions de santé an zwee Vertrieder vun enger Organisation, déi sech fir d'Patienterechter asetzt.

Déi zweet Modifikatioun ass en Ajout zum Artikel 15, dee seet, dass den Doud vun enger Persoun, wou op Euthanasie oder Assistance au suicide zréckgegraff gouf, mat engem natierlechen Doud, also mat „mort naturelle“ gläichstellen ass. De Commentaire vun dësem Artikel seet, dass heiduerch d'Konsequenze vum Doud méi einfach gereegelt ginn a puncto Liewensversécherungen, déi jo am Fall vun engem Suicide bekanntlech net spillen.

Wat elo d'Deklaratioun an d'Kommunikatioun ugeet un déi öffentliche Instanzen, do ännert sech awer

näischt. An d'Justiz muss an alle Fäll hir Aarbecht kënnen maachen.

Grad op dëser Plaz wëilt ech op en Austausch hiweisen an der Santéskommissioun vum 24. September 2019, an dat bei Geleeënheet vun der Presentatioun vum fënnefte Rapport vun der Kontrollkommissioun. Et wier wichteg ze betounen, dass de Recours fir eng Euthanasie oder eng Stierfhëllef ëmmer nach eng grouss Ausnam ass. All d'Froer ronderëm déi schwéier Thematik gi mat vill Seriö, mat Mënschlechkeet a Professionalismus behandelt.

Ech wëilt och hei nach eemol drun erënneren, dass schwéier krank Leit, déi ënnert d'Applikatioun vum Gesetz falen, ganz prezis Konditiounen mussen erfëllen, ënner anerem, dass se an enger „situation médicale sans issue“ sinn an dass hir physesch oder psychesch Leide „constant, insupportable et sans perspective d'amélioration“ sinn. Si kënnen jo och selwer de Choix maachen, fir hirem leedvollen an aussichtslose Liewen e wierdegt Enn ze erméiglechen.

Ech kommen dann elo nach zu der drëtter Ännerung, déi an dësem Projet de loi virgesinn ass. Si betrëfft d'Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Droits et obligations du patient. Do geet et drëms, dass d'Personne de confiance, déi, déi am Kader vum dësem Gesetz virgesinn ass, déi selwecht ass wéi déi, déi bei de Soins palliatifs an enger Stierfhëllef consultéiert gëtt. Duerfir gëtt am Gesetz iwwert d'Patienterechter, méi genee am Artikel 12, eng Referenz op d'Gesetz iwwert d'Stierfhëllef bäigesat.

Nach vläicht zu e puer Recommandatiounen a Froen, déi vun der Commission de contrôle an d'évaluation opgeworf goufen, nieft dësen dräi Ännerungen, déi jo dann haut virgeholl goufen.

Gefrot gi besser a méi ausféierlech Informatiounen an domadder d'Sensibilisatioun vum Grand public. Gefrot gëtt och, dass d'Formation schlussendlech méi pousséiert soll si fir d'Dokteren an och d'Gesondheetspersonal, wat d'Soins palliatifs an d'Euthanasie, d'Assistance au suicide soll beinhalten, d'Obligatioun, fir bei der Admissioun am Spidol oder enger Flegestruktur ze froen, ob de Patient, de Resident d'Dispositions de fin de vie festgesat huet.

An zwou bis dräi Question-parlementaire goufen och interessant Äntwerte geliwwert. D'Fro zum Beispill vum fräie Choix an Zougang vun de Patienten zum Akt vun der Euthanasie an de verschiddenste Strukturen, dat sollt eigentlech garantéiert sinn, war an enger Äntwert vum Minister Étienne Schneider ze liesen 2019 am November: « L'ensemble des établissements hospitaliers, y compris les établissements d'accueil pour personnes en fin de vie, devraient ainsi prévoir la possibilité pour leurs patients de bénéficier d'une euthanasie ou d'une assistance au suicide dans un environnement adéquat et digne. »

Bei Refus vun engem Dokter, fir eng Euthanasie ze maachen - an dat Recht steet explizitt och am Gesetz -, sollten d'Strukturen eng fest Prozedur hunn, fir séier an adequat kënnen op d'Demande vum Patient ze reagéieren.

Gefrot war och an enger Question parlementaire, wéi et mat der Tarifikatioun bei der CNS wier. Och hei eng kloer Äntwert vum Minister Schneider: « les actes médicaux liés à l'euthanasie peuvent être mis en compte avec les codes figurant dans la nomenclature actuelle des actes et services des médecins. » Domat sinn déi Akten ofgedeckt an et muss deemno net nogebessert ginn an der Nomenclature.

Fir nach ganz komplett ze sinn, wëilt ech natierlech och nach op déi parlamentaresch Prozedur ze schwätze kommen. Dëse Gesetzestext gouf den 3. Oktober 2019 vum Minister Schneider deposéiert. Den Avis vum Staatsrot koum de 16. Juni 2020. An der Reunioun vun der Santéskommissioun vum 20. Oktober 2020 gouf de Gesetzestext presentéiert grad och wéi den Avis vum Staatsrot an ech hat d'Éier, fir Rapportrice genannt ze ginn. De Rapport, mäi schréftleche Rapport, gouf den 2. Februar an der Santéskommissioun majoritär ugeholl.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech ginn natierlech d'Zoustëmmung vu menger Partei. Merci!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen der Madamm Rapportrice, der Madamm Cécile Hemmen, villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke géif ech wëllen der Rapportrice e grouse Merci soe fir hire ganz explizitte schréftlechen an och mündleche Rapport.

Dir hutt et héieren: Mir huelen also haut dräi kleng Upassungen um Euthanasiegesetz vum 2009 vir. An



ech wëll och direkt am Ufank ganz kloer soen, dass mir als CSV dës Adaptatiounen wäerte matstëmmen, och wann d'Denominatioun „mort naturelle“, fir an Zukunft den Doud ze beschreiwe vun enger Persoun, déi un de Suite vun enger Euthanasie oder vun engem Suicide assisté gestuerwen ass, sech eigentlech vun der Terminologie a vum Akt hier widersprécht, well eng Euthanasie ëmmer en Akt ass, deem den Doud vum Patient erbäiféiert.

Dat Ganzt ass jo, wéi mer héieren hunn, an engem kontraktuelle Kontext ze gesinn, well et geet drëms, dass d'Assurancen de Suicide assisté an d'Euthanasie vum juristesche Standpunkt hier als Mort naturelle solle behandelen.

Ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir e puer ganz wichteg Iwwerleeungen, déi sech aus Gespréicher mat Leit vum Terrain an och mat be-traffene Leit erginn hunn, hei mat lech ze deelen.

D'Theemen onheelbar Krankheet, Palliativfleeg a Fin de vie si leider nach ëmmer Tabutheemen! D'Gesetz ass zanter 2009 en vigueur, mee um Terrain leeft dat awer net ëmmer esou, wéi de Patient sech dat zu Liefzäite gewënscht huet, ob dat mat Patienten-terverfügung oder Disposition de fin de vie oder ouni ass.

Fir vill Leit dobaussen ass et och net ëmmer kloer, wat dat eent ass a wat dat anert ass. Duerfir muss d'Regierung nach weider opklären. D'Patienteverfügung oder d'Directive anticipée, déi enk um Palliativgesetz drunhänkt, hält fest, wat e Patient wëllt a wat en net wëllt, wann e bis an der avancéierter Phas oder an der Schlussphas vu senger uerger Krankheet ukomm ass. Allerdéngs gëtt se just gekuckt, wann de Patient net méi wakereg ass a sech selwer net méi äussere kann.

Et ass immens wichteg, scho ganz laang am Virfeld mam Patient alles ofzeklären an e puer Gespréicher, laang eier d'Phas vum Stierwe méi no réckelt, an dat léisst sech am allerbeschte mat sengem Vertrauensdokter maachen.

An enger Disposition de fin de vie kann de Wonsch no Euthanasie festgehale ginn a spilt zu deem Moment, wou de Patient sech net méi selwer ausdrécke kann. Dës Dispositioun muss bei der Commission nationale de contrôle et d'évaluation enregistriert ginn. A béide Fäll ass et awer wichteg, dass de Patient am Virfeld eng Vertrauenspersoun dorüwer informéiert huet, déi dann, le moment venu, dem zoustännegen Dokter dem Patient säi Wonsch matdeelt. Dierneft gëtt et jo dann och nach aner Techniken wéi Sedatioun, wouduerch een extreem Symptomer versicht an de Grëff ze kréien an de Mënsch an eng Zort Schlof versetzt. Erëm aner Patienten, déi stierweskrank sinn, refuséieren z'iessen oder ze drénken, fir domadder selwer hir Decisioun, hirem Liewen en Enn ze setzen, ëmzesetzen.

An da gëtt et d'Palliativmedezinn, déi duerch adequat Symptomkontroll a Schmäerztherapie de Patient, deem onheelbar krank ass, begleet. Si soll seng Liewensqualitéit bis zum Schluss erhalen. Leider gëtt d'Palliativmedezinn meeschtens just gesinn als lescht méiglech Therapie oder Stierfmedezinn, déi op enger Statioun stattfënnt. Dobäi ka se vill éischter ufänken.

Dat géif natierlech bedeuten, dass „advance care planning“ géif stattfannen, ze verstoen als eng vir-ausschauend Planung, wat Therapie a Soinen ubelaangt, jee no Wonsch vum Patient, an eigentlech och vill éischter misst agesat ginn, esou wéi et och vill international Etüden, zum Beispill an der Onkologie, ëmmer méi bewisen.

Den Dokter, dat kann och en Allgemengmedezinner sinn, géif an e puer Gespréicher mat sengem Patient ofklären, ganz am Ufank, wann eng onheelbar Krankheet diagnostizéiert ass, an och am Verlaf vun där Krankheet - also net an enger akuter Situation -, ob en zum Beispill an eng Reha wëlt goen oder net. Dës Gespréichsféierung géif dem Dokter et erlaben, ganz genee dem Patient säi Wëllen ze erkennen an déi eenzel Schrëtt am Verlaf vun der Krankheet ze plangen a gegebenenfalls déi eng oder aner Interventioun oder Therapie ewechzeloossen, fir Iwwertherapiéieren iwwerhaapt net opkommen ze loossen, esou nom Motto: „allow natural death“.

Duerfir brauche mer awer méi national palliativ Netzwerker, flächendeckend, esou wéi dat an Däitschland och de Fall ass. Mir brauche ganz gutt forméiert Dokteren, Allgemengmedezinner, déi psychosozial Gespréichsféierung an hirer Ausbildung hunn. Et wier och sënnvoll, dass si zum Beispill als Allgemengmedezinner e Stage op Palliativstatiounen geife maachen an net just d'Onkologen. Eng fréizäitig Vernetzung Onkologie-Palliativmedezinn wier sënnvoll, awer och mat anere Spezialisten wéi zum Beispill aus der Kardiologie oder Pneumologie oder Neurologie an der Geriatrie.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Finalitéit ass e Stierwen an Dignitéit, ob iwwert de Wee vun enger Euthanasie, engem Suicide assisté oder palliativ. Dëst soll dem Patient iwwerlooss sinn. E soll opgekläert sinn, wat fir Méiglechkeeten en huet, a säi Wonsch soll respektéiert ginn.

Geneesou soll och dem Dokter seng Autonomie, fir dierfen ze refuséieren, och respektéiert ginn, esou wéi et och am Gesetz steet.

An deem Sënn deposéieren ech och elo eng Motion, wou ech déi eenzel Elementer, déi ech elo beschriwwen hunn, afléisse gelooss hunn:

Éischtens emol: De Wonsch vum Patient muss respektéiert ginn. A wann en Dokter sech selwer net gesäit eng Euthanasie maachen, da muss en e Confrère fannen, deem dësen Akt bereet ass ze iwwerhuelen. Anerefalls brauche mer kee Gesetz.

Et sollt eng Gespréichsphas stattfannen, laang am Virfeld, fir domadder dem Patient säi Wëllen ze kennen, deemno en „advance care planning“ ze schafen an Iwwertherapiéieren ze evitéieren.

Fir d'Theema ze enttabuiséieren, sollte mer en nationalen Dag „Fin de vie“ aféieren, en Dag, wou d'Stierwen an d'Schwätzen iwwert d'Stierwen am Mëttelpunkt stinn.

De Volet „Fin de vie“ sollt an der Ausbildung vum Allgemengmedezinner op der Uni ausgebaut gi mat Stage op Palliativstatiounen an enger Formatioun a psychosozialer Gespréichsféierung.

A mir sollte flächendeckend en nationaalt Palliativnetzwerk vum Onkologen, anere Spezialisten, Palliativmedezinner a Generalisten opbauen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a wier frou, wann dës Motioun vun der CSV géif op eng breet Zoustëmmung treffen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- sachant que les soins palliatifs, l'euthanasie et l'assistance au suicide ont été introduits dans la législation luxembourgeoise par deux lois du 16 mars 2009 ;

- estimant que la finalité de tous ces textes est d'offrir à des personnes atteintes d'une maladie incurable, accompagnée de souffrances physiques ou psychiques insupportables, une fin de vie en dignité ;

- sachant qu'aucun médecin n'est tenu de pratiquer une euthanasie ou une assistance au suicide ;

- constatant que le sujet « fin de vie » est toujours un tabou dans notre société ;

- considérant que les médecins accompagnant des personnes en fin de vie déplorent un manque de communication entre les acteurs médicaux et constatent que le principe du « advance care planning » est malheureusement loin d'être coutumier ;

- estimant que l'entretien du médecin accompagnant avec le patient devrait être valorisé en tant qu'acte médical afin de pouvoir planifier une fin de vie en dignité ;

- constatant qu'un véritable réseau des soins palliatifs avec, comme acteurs principaux, les médecins généralistes, les réseaux de soins, les oncologues et les médecins spécialisés en soins palliatifs constituerait une véritable plus-value pour les patients en fin de vie,

invite le Gouvernement

- à œuvrer afin de garantir que la volonté du patient soit respectée, notamment en incitant les médecins qui refusent de pratiquer une euthanasie ou une assistance au suicide à orienter le patient concerné vers un médecin disposé à réaliser le cas échéant une euthanasie ou une assistance au suicide ;

- à organiser une journée nationale « fin de vie » afin de mieux informer la population sur ce sujet sensible et tabouisé ;

- à évaluer les coûts liés à l'« advance care planning » ainsi qu'à l'entretien avec les patients en fin de vie en vue d'une insertion dans la nomenclature des actes ;

- à prévoir le volet « fin de vie » dans le cadre des études spécialisées en médecine offertes à l'Université du Luxembourg, notamment en y insérant le volet de l'entretien psychosocial ainsi que des stages dans le domaine des soins palliatifs pour les étudiants en médecine générale ;

- à organiser une table ronde avec tous les acteurs concernés afin de créer un réseau institutionnalisé et efficace des soins nécessaires pour les patients en fin de vie.

(s.) *Françoise Hetto-Gaasch, Martine Hansen, Georges Mischo, Marc Spautz, Claude Wiseler.*

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hetto-Gaasch. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt soen ech der Rapportrice e grouse Merci fir den Historique. Et ass e Sujet, wou een e puer Explikatione muss ginn. Den Historique war ganz komplett, wat mir et erlaabt, iwwer verschidde Saache vläicht e bësse méi séier ewechzegoen.

Dir hutt et gesot: Mir adaptéieren de gesetzleche Kader vun 2009 par rapport zu enger Rei Recommandatiounen, déi mer vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation de l'application de la loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide an hiren entre-temps scho fënnef Rapporte gemaach kruten.

Déi wichtegst Adaptatioun an dësem Text ass mat Sécherheet déi, dass den Doud vun enger Persoun no enger Euthanasie oder enger Assistance au suicide an Zukunft als natierlechen Doud wäert ugesi ginn. Dës Prezisioun stoung bis elo net am Text, wat notament derzou gefouert huet, dass Liewensversécherungen net ausbezuelt gi sinn. Duerch d'Qualifikatioun als Mort naturelle kann dës elo och bei esou engem Doudesfall u Familijen ausbezuelt ginn.

Dës Prezisioun ass a mengen Aen awer och eng Aart Unerkennung, en Ausdrock vu Respekt vis-à-vis vun enger Persoun, déi den ausdréckleche bewusste Choix gemaach huet, fir op eng Stierfhëllef zréckzegräifen.

2009 war Lëtzebuerg dat drëtt Land an der EU - no Holland an der Belsch; et ass gesot ginn -, dat e legale Kader fir d'Euthanasie geschaaft huet. Et goung dobäi ni dorëms, fir eng Euthanasie ze férdere. Mir hunn awer enger Realitéit Rechnung gedroen. Et ginn nämlech Fäll, wou Persounen duerch eng Krankheet, déi se hunn, en extreem penibelt an onwierdegt Liewensenn riskéieren a wou och d'Palliativmedezinn op hir Limite stéisst. Ënner ganz restriktive Konditiounen a Kontrolle kann dohier e Patient, deem dat explizitt freet, vu sengem Leiden erléist ginn.

Wann all Dag mat extreemer Péng verbonnen ass, ouni Aussicht op Besserung, a wann d'Liewensqualitéit all Dag ee Stéck méi verluer geet, dann ass et dem Einzelne säi Choix, ob e säi Liewen ënnert dësen Æmstänn weiderféieren oder an Dignitéit aus dem Liewe goe wëllt.

Här President, niewent de Recommandatiounen, déi mir aus dem Rapport iwwert d'Euthanasie iwwerhuelen an an eise gesetzleche Kader integréieren, huet d'Commission nationale awer och nach weider Recommandatiounen gemaach, iwwert déi mer och elo nodenke sollten. Do geet et un éischter Stell ëm d'Informatioun, souwuel generell Informatiounen vum Grand public wéi och spezifesch Informatiounen vu Concernéierte respektiv potenzielle Concernéierten.

Well och, wa mir de legale Kader fir eng Euthanasie oder eng Assistance au suicide hunn, doe mer eis awer weiderhi schwéier, iwwert de Sujet ze schwätzen. Eppes muss menger Meenung no onbedéngt assuréiert ginn, nämlech e kompletten an iwwersiichtlechen Accès op Informatiounen fir Persounen, déi sech fir hir eege Situatioun mam Sujet befaasse respektiv och fir Leit aus hirem Entourage.

Concernéiert Persounen mussen wëssen, u wie si sech kënnen wenden, fir un déi néideg Informatiounen ze kommen. Et ass e Fakt an och net verwerflech, dass net all Dokter waarm fir dës Sujet ass respektiv dass och net all Dokter sech mat de Prozeduren vun enger Euthanasie oder enger Assistance au suicide auskennt.

Am aktuelle Gesetz hu mer och virgesinn, dass en Dokter, deem aus moralesche Grënn keng Euthanasie wëllt maachen, sengem Patient dat innerhalb vu 24 Stonne matdeele muss an dann och net gezwonge gëtt, eppes ze maachen, wat en net wëllt.

Wat allerdéngs net virgesinn ass, dat ass de Verweis vum Patient op en aneren Dokter oder eng Struktur, déi dem Concernéierten hëllef kann. Et gëtt de Moment keng Informationspflicht an deem Sënn. D'Fro, déi sech stellt an déi mir eis alleguer zesumme mussen stellen, ass also déi, wéi mir assuréiere kënnen, dass déi néideg Informatiounen iwwer Euthanasie bei de Concernéierten ukommen.

Dat muss engersäits vun Dokterinnen assuréiert ginn, déi op dësem Sujet speziell forméiert sinn, mee och eis Spideeler spillen a mengen Aen eng wichteg Roll. Et fält op an de Constate vun den duerchgefouerten Euthanasien, dass eng Tendenz besteet, dass manner Euthanasien an de Spideeler gemaach ginn, mee méi ausserhalb, virun allem och doheem.

2017 an 2018 - et ass scho gesot ginn - goufe vun insgesamt 19 Euthanasie just zwou dovunner an de Spideeler duerchgeféiert. Dat ass eng grouss Verännerung am Verglach mat 2016, wou alleguerten d'Euthanasien, nämlech zéng Stéck, an de Spideeler duerchgefouert goufen.

De fräie Choix vum Patient spilt do bestëmmt eng wichteg Roll an awer muss dës Entwécklung aus de Spideeler eraus - a mengen Aen - analyséiert ginn an domat och d'Prozeduren, d'Servicer an d'Kontaktpersounen, déi et an eise véier Centres hospitaliers a puncto Euthanasie an Assistance au suicide ginn, well och an eise Spideeler sollte Patienten, déi eng Euthanasie a Betruecht zéien, komplett opgekläert a suivéiert ginn.

Well ech weess, dass 2020 och de Plan national sur la fin de vie sollt lancéiert ginn - deem ass duerch

d'Aktualitéit mat Sécherheet a Veruch geroden -, wollt ech bei der Madamm Minister nofroen, wéi wäit mer domat sinn an ob an dësem eventuell och schonn eng Rei vun den Iwwerleeungen aus de Recommandatiounen matagefloss sinn.

Här President, Lëtzebuerg ass eent vun de véinege Länner, dat e gesetzleche Kader fir Euthanasie an Assistance au suicide huet, mee mir müssen eis weiderhi beméien, nach méi oppe mat dësem Sujet ëmzegoen an och den Doud ze enttabuiséieren.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. Ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, „Et ass déi éischte Kéier, wou déi dräi aktuell Regierungs-parteien, DP, LSAP an déi gréng, sech am Parlament zesumme géint d'CSV stellen an d'Dräierkoalitioun domat eigentlech virewechhuelen“, huet d'Dani Schumacher am März 2019 an hirem Réckbléck op dat zéngjäregt Bestoe vum Euthanasiegesetz am „Lëtzeburger Wort“ gemengt. Ech mengen, d'Madamm hat net ganz Onrecht.

Déi ongewéinlech, fir net ze soen onhelleg, Allianz tëscht der Majoritéitsdeputéiert Lydie Err an dem Oppositionsdeputéierte Jean Huss huet net just an de Medie fir Opreegung gesuergt, se huet och a villen anere Kreesser zu heftegen Diskussiounen gefouert, vum Stammdësch bis eran an de Palais.

Interessant ass dobäi, dass béid Deputéiert schonn am Joer 2002 eng gemeinsaam Proposition de loi ausgeschafft, deposéiert a verteidegt haten. Allerdéngs huet den Erfolleg vun dëser Initiativ laang op sech waarde gelooss. D'Ënnerstellung nämlech, dass d'Familljen eeler Persounen wëllten deconnectéieren, fir un hir Ierfschaft ze kommen, oder Argumenter wéi moralesch Verwerflicheet, Angscht-maacherei viru méiglechen Abusen a Stierftourismus an de kategoresche Refus, engem Patient d'Recht ze ginn, autonom iwwer säi Liewensenn ze bestëmmen, hu jorelaang zu kontroversen a ganz emotionalen Diskussiounen gefouert, mam Resultat, dass et siwe Joer gedauert huet, bis d'Proposition de loi eeben no ganz emotionalen Debatten och an der Chamber mat 31 Jo-Stëmme géint 26 Nee-Stëmmen an 3 Enthaltungen guttgeheescht ginn ass an d'Recht op Stierfhëllef gesetzlech verankert huet.

De Refus vum Grand-Duc, dat Gesetz ze ënnerschreiwen, déi domat verbonne Staatskris, déi mer jo net oft zu Lëtzebuerg hunn, an déi uschlëssend Verfassungsännerung si weider Elementer, déi d'Geschicht vun dësem Gesetz markéiert hunn.

Här President, haut, bal zwielf Joer nom Vott, gesäit d'Welt anescht aus, wéi vu munche virausgesot. Et kounn weeder zum Abus nach zu anere Schreckenszenarien, déi vu munche Géigner vum Gesetz propheet gi waren. An et muss ee soen: Mat 71 Fäll innerhalb vun den zéng Joer, déi am leschte Rapport eraasst gi sinn, läit Lëtzebuerg, proportionell gesinn, wäit ënnert den Zuele vun Holland an der Belsch. An och um Niveau vun de Plainté wéinst suspektem Verhale läit bis haut keen eenzegen Dossier vir.

Dat Eenzezt, wat een haut ka feststellen, Dir Damen an Dir Hären, ass, dass all Joer e puer Patientinnen vum Recht Gebrauch maachen, hirem onheelbare Leide mat Hëllef vun der Euthanasie en Enn ze setzen, an dankbar dofir sinn.

D'Modifikatiounen, déi mer haut virhuelen, ännere weider näischt um Fong vum Ganzen, mee bestinn aus verschiddenen Upassungen, déi längst iwwerfällg sinn. Si goufe schonn am zweete Rapport ernimmt. Ech wëlt och der Madamm Hemmen Merci soen, well se all déi Modifikatiounen hei an hirem Rapport ganz gutt duergeluecht huet.

Éischtens gëtt jo den Doud duerch d'Stierfhëllef bei onheelbarer Krankheet net méi mat Suicide gläichgestallt. Dat huet d'Madamm Hemmen gutt erklärt. Dës Prezisioun ass net nëmmen deontologescher Natur, si spilt och eng Roll, wéi gesot, bei de Liewensversécherungen an den Assurancen.

Allerdéngs stellt de Staatsrot sech hei d'Fro, ob dës Modifikatiounen d'Konsequenze vum Doud duerch Euthanasie effektiv besser reegelen an ob d'Ëmstänn vum Doud iwwerhaapt un déi ëffentlech Autoritéite kommunikiert wäerte ginn. Am Zweifelsfall ginn d'Ëmstänn natierlech och weiderhi vun de Justizautoritéite kontrolléiert, esou wéi et och vum Staatsrot ënnerstrach gëtt.

Déi zweet Modifikatioun bezitt sech dann op d'Commission nationale de contrôle et d'évaluation, déi mat Suppleanten ausgestatt gëtt, fir besser kënnen ze fonctionéieren, wat och an eisen Ae ganz positiv ass a keng weider Froen opwerft.

Déi drëtt Ännerung bezitt sech dann op d'Gesetz vun de Patienterechter vun 2014, an deem d'Designatioun vun enger Vertrauenspersoun fir Euthana-



siepatienten anscheinend vergiess gi war. U sech weist dësen Oubli, datt och nach am Joer 2014 net direkt de Reflex bestanen huet, d'Rechter vun den Euthanasiepatienten mat deene vun de Palliativpatienten gläichzesetzen. Dat gëtt elo mat dësem Projet de loi nogeholl.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot sinn dës dräi Modifikatiounen net onwichtig. Se änneren awer näischt drun, datt sech weiderhin eng Rei Problemer stellen, wat d'Ëmsetzung vum Gesetz ugeet. De Maître Jean-Jacques Schonckert, de President vu „Mäi Wëllen, Mäi Wee“, weist zu Recht drop hin, datt d'Acteuren um Terrain sech generell nach ëmmer schwéierdinn, den Akt vun der Euthanasie duerchzeféieren.

Domat, an dat wëll ech ënnersträichen, stellt kee Mënsch d'Recht vun den Dokterinnen op d'Gewëssensfräiheet a Fro. All Dokter muss selwer fir sech entscheede kënnen, ob en eng Euthanasie wëllt duerchféieren oder net. Dat ass e Grondrecht vun all Dokter. D'Gewëssensfräiheet vun den Dokterinnen ass allerdéngs eng individuell Fräiheet a keng institutionell Fräiheet. Dat geet och aus enger Äntwert vun der fréierer Santéministesch Lydia Mutsch op eng Question parlementaire aus dem Joer 2016 ervir.

Et bedeit, datt eng Institutioon u sech net d'Recht huet, d'Gewëssensfräiheet vun den Dokterinnen als Argument ze benotzen, fir eng Euthanasie ze refuséieren. Villméi müssen d'Institutioon an d'Strukturen de Patienten d'Méiglechkeet schafen, hiert legaal Recht op Euthanasie fir sech an Usproch ze huelen. Konkreet heescht dat, wat och d'Madamm Carole Hartmann virdrun hei gesot huet, datt se d'Patienten beim Choix vum Dokter richteg informéieren an orientéieren, esou zum Beispill duerch eng Kontaktperson.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun dëser Debatte féiert et elo ze wäit, fir op all déi aner Recommandatiounen vun der Kommissioun anzugehen. Mir mengen awer, datt se net dierfen am Tirang verschwannen. A mir sinn och sécher, dass se dat net maachen. Duerfir begrësse mir all Schrëtt, dee gemaach gëtt, fir se um Terrain ëmzesetzen. Do gehéiert an éischter Linn d'Sensibiliséierung an d'Informatioun vun de Biergerinnen a Bierger derzou, wou laut enger Ëmfro vun der ILReS nëmme véier vun zéng Leit am Bild sinn, datt esou e Gesetz iwwerhaapt existéiert.

„D'Akzeptanz ass ganz grouss an d'Informatioun ass wirklech [...] minabel. D'Patienten wëssen oft net, [...] dass et [esou e Gesetz] gëtt. A wa se dat wëssen, da wësse se oft nach net, wéi se sech müssen uleeën, fir et ze kréien,“ huet de Psychiater Paul Rauchs, deen och Member vun der Evaluatiounskommissioun ass, d'lescht Joer ganz trefend um Radio 100,7 betount.

Begrëssenswäert ass fir eis, datt mir eent vun de liberalste Gesetzgeber am Beräich vun der Euthanasie hunn, well et d'Krankheetsbiller, déi ënnert d'Euthanasie falen, net definéiert. Dat gëtt den Dokterinnen eng ganz grouss Fräiheet. Dës Fräiheet ass awer och mat enger grousser Verantwortung a mat vill Fingerspitzengefühl verbonden, virun allem, wann eng Demande d'euthanasie vun enger psychescher kranker Persoun virläit.

D'Veantwortung vun der Regierung läit op där anerer Säit natierlech doran, de Recommandatiounen vun der Kommissioun op alle Pläng nozekommen, fir datt d'Recht op Stierfhëllef no zwielef Joer endlech dee Stellewäert an eiser Gesellschaft kritt wéi d'Recht op Palliativmedezinn. Bëid si wichteg Piliere vun engem humanen a solidareschen Gesondheetssystem an duerfir si mer frou, datt d'Stierfhëllef an d'Palliativmedezinn net méi géinteneen ausgespillt ginn.

Domat ginn ech den Accord vun eiser gréngeger Fraktion a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- An ech soen der Madamm Lorsché villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Roy Reding (*ADR*).**- Merci, Här President. Ech maache keen Historique vum Euthanasiegesetz. Meng Partei ass, war a bleift géint de Prinzip vun der Euthanasie. Duerfir wäerte mir och nimools e Gesetz matstëmmen, dat euthanasieléiert ass.

An dësem konkreeten Fall wäerte mer awer och net dergéint stëmmen, well mir begrëssen ausdrécklech d'Assimilatioun vun der Euthanasie zur Mort naturelle. A wéi virdru scho gesot ginn ass, et geet hei ëm Leit, déi an enger Situation médicale si sans issue, sans espoir d'amélioration, déi also, wann dem gesonde Mënscheverstand nogelauschtert gëtt, souwisou relativ kuerzfristeg no där Euthanasie géife stierwen.

Aus deem Grond wäerte mir eis als ADR bei dësem Text enthalten. Ech soenlech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Reding. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Marc Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Ech mengen, datt ee soe kann, datt no dem Historique, deen och d'Madamm Hemmen a virun allem d'Madamm Lorsché gemaach hunn, d'Debatt op jidde Fall weesentlech manner emotional a manner hëtzeg geféiert gëtt haut, wou et eng punktuell Ännerung gëtt, wéi dat nach virun iwwer zéng Joer de Fall war, wéi d'Gesetz agefouert ginn ass, wat och beweist, datt och an der Chamber d'Akzeptanz an, mengen ech, d'Weiderkommen an den Iwwerleeunge fortgeschritt sinn an datt mer haut och an enger anerer gesellschaftlecher Situatioun sinn, wéi dat virun zwielef Joer nach de Fall war, wat absolutt begrëssenswäert ass.

Et kënn een net derlaanscht feststellen, datt dat, wat vu ville Leit gefaart ginn ass, nämlech datt et zu masseweisen Abuse géif kommen, datt d'Praxis vun deene leschte Joren dat evidenteweis widderluecht huet.

Mat dësem Text maache mer zwar formal just kleng Ännerungen, ech mengen awer, datt et genau dee richteg Wee ass, nämlech déi Assimiléierung vun der Euthanasie an der Assistance au suicide u Mort naturelle, déi Implikatiounen huet, wat d'Versécherungen ugeet, mee déi awer, mengen ech, och e ganz staark symbolesche Charakter huet, deen och wichteg ass, well et geet ëm Dignitéit, et geet ëm Selbstbestimmung, ëm d'Autodeterminatioun vum Mënsch och a senger leschter Phas vum Liewen, wat e Grondwäert an och e Grondrecht ass, wat dëst Gesetz och nach eng Kéier staark ënnersträicht.

Ech kann och dat affirméieren, wat d'Madamm Hartmann gesot huet, datt de Chantier sécher nach net eriwuer ass, datt et nach un Informatiounen deelweis feelt. An déi Leit, déi déi Informatiounen transmettéieren sollen, Dokterinnen a virun allem Spideeler ... An och do rejoinéieren ech dat, wat d'Madamm Lorsché gesot huet, datt et keen institutionellt Recht gëtt, déi Informatiounen ze verweigere respektiv d'Assistance au suicide net duerchzeféieren, mee natierlech en individuellt Recht vum behandelnden Dokter.

Dëst gesot stëmmen mir dësen Text mat.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Marc Baum. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten alleguerst stierwen. Mir wëssen et a probéieren et awer esou gutt et geet iergendwéi ze ignoréieren.

Wann ee gesond ass, dann ass dat méi einfach. Da kann ee sech de schéine Saachen am Liewe widmen a sech dorobber konzentréieren, mee wann een dann awer onheilbar krank ass, da kënn de Moment, wou ee spiert, datt d'Liewen op en Enn geet an een der Tatsaach net weider aus dem Wee ka goen.

An da stellt sech d'Fro, ob ee bis zum Schluss kämpfe wëllt, kämpfe kann oder ob een zu engem selwer bestëmmte Moment aus dem Liewe geet. D'Recht, dës Fro individuell beäntweren ze dierfen, an d'Recht, insupportabel Zoustänn net erdroen ze müssen, wa keng Chance op Heelung méi besteet, sinn eng grouss Errungenschaft, déi mam Gesetz iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide vun 2009 festgehalen gouf.

Leider huet sech awer an der Praxis séier gewisen, datt d'Recht, selwer entscheeden ze kënnen, weini ee sengem Liewen am Fall vun enger schlimmer Krankheet oder no engem Accident en Enn setze wëllt, och wann et um Pabeier Bestand hat, an der Realitéit Aschränkungen ënnerlouch. Well am Gesetz vun 2009 net explizitt festgeluecht war, datt en Doud duerch eng Assistance au suicide oder Euthanasie net als Suicide dierft consideréiert ginn, gouf et an der Praxis zum Beispill Problemer mat de Liewensversécherungen.

Ech denken, datt mer eis alleguerst eens sinn, datt d'Entscheidung, engem onerdrobare Leed en Enn ze setzen, zwar am Kader vun de Méiglechkeeten, déi de Patient huet, als fräiwëllig muss verstane ginn, mee trotzdem keng Entscheidung ass, déi e Mënsch wirklech fräiwëllig geholl hätt, wann et em och fräigestanen hätt, nees gesond ze ginn.

Et steet also ausser Fro (veuillez lire: Et kënn also net a Fro), enger Persoun, déi hiert Leed net méi erdroe konnt a vun der Méiglechkeet vun der Euthanasie oder der Assistance au suicide profitéiert, ze ënnerstellen, se hätt hirem Liewen aus komplett fräie Stécker en Enn gesat, soudatt eng Liewensversécherung net méi misst gräifen!

Mir freeën eis duerfir, datt mer mat dësem Gesetz haut all Onkloerheeten an dësem Beräich aus dem Wee raumen a kloer festhalen, datt en Doud duerch eng Assistance au suicide oder eng Euthanasie, wat d'Kontrakter betrëfft, déi e Patient agaangen ass, gläichgestallt muss gi mat engem natierlechen Doud. Et ass net am Sënn vum Gesetz vun 2009, wa Persounen um Enn vun hirem Liewen an hirem Choix ageschränkt ginn duerch d'Suerger ëm d'finanziell Ofsécherung vun hirem Famill!

Mir begrëssen dëse Projet duerfir ausdrécklech a ginn och eisen Accord zu der Upassung iwwert d'Méiglechkeet, Membres suppléants an d'Commission nationale de contrôle et d'évaluation ze nennen an zur Präzisioun iwwert d'Personne de confiance. Merci!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé*.**- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt e grouse Merci un d'Cécile Hemmen fir de Rapport zu dësem Projet.

Et ass ervirgestrach ginn: D'Diskussioun ass manner emotional. Ech géif soen, dat ass awer nach ëmmer net normal hautdesdaags. Et ass bei eis Gott sei Dank normal, well eng gewëssen Zäit vergaangen ass, well Erfarunge konnten gesammelt ginn, mee et ass nach kee Joer hier, dunn huet d'Bundesverfassungsgeriicht vu Karlsruhe am Februar d'lescht Joer nach misse festhalen, dass et sech hei ëm en Akt vun autonomer Selbstbestimmung handelt - e Geriicht huet dat misse feststellen! Dat freet mech, dass et esou festgehalen ginn ass, mee nach huet et missen esou wäit kommen.

Ech begrëssen och ausdrécklech, dass et aus der Perspektiv vum Einzelnen hei am Land an och ëmmer méi an anere Länner elo esou ass, dass de Schutz vun der Autonomie, de Schutz vun der Selbstbestimmung vum Einzelnen aus senger Perspektiv dach awer priméiert op säi Recht op seng eege Gesondheet, dass et seng Decisioun ass, déi priméiert, wann e se ausgedréckt huet.

Dofir sinn ech och frou, dass mer haut iwwert dëse Projet schwätzen an net méi iwwert de Grundsatz, dass mer nach just Ännerunge maachen an dass dat, wat elo an Däitschland um Lafen ass, eeben intensiv Aarbechten, fir e legislatiivt Schutzkonzept en place ze setze ronderëm dës Thematik, dach hei scho feste Bestand an eiser Gesellschaft fonnt huet.

An trotzdem ass déi Nobesserung, déi haut gemaach gëtt, net anodin, si ass vu grousser Symbolik. Firwat? Well se dach och an e gewësse Stigma gräift. Et ass eng lescht Hürd, déi gefall ass, fir deene Leit, déi hei concernéiert sinn, den néidege Respekt och auszudrécken.

Wat verstinn ech ënner Stigma? Wann ech muss iwwer e Gesetz feststellen, dass mer hei eng Gläichstellung maachen zu enger Mort naturelle, och wann d'Terminologie vläicht à discuter ass an net onbedéngt déi glécklechste ass, esou léisst dat dach awer iergendwéi deiten, dass de Wonsch vun enger Persoun, engem Liewen, dat vu Leed markéiert ass, wou keng Perspektiv op Besserung méi ass, en Enn ze setzen, dass dëse Wonsch dach awer iergendwéi nach ëmmer e bësse suspekt ass. Et ass vläicht keng Doudsënn méi, et ass och keng Pathologie vläicht am eigentleche Sënn, mee iergendwou dach awer genuch, dass ee sech d'Fro muss stellen, ob dann elo eng Liewensversécherung do soll spillen oder net. An dat ass eppes, wat seng Plaz net an engem humane Konzept dierft hunn!

Dofir sinn ech frou, dass dëse Projet breet begréisst gëtt an dass mer dës Hürd och elo wirklech falen doen. Et ass nämlech d'Recht, dass een och net indirekt ka bestrooft ginn duerch esou e Choix, wat eng Belaaschtung fir déi Concernéiert ka sinn.

Op d'Zukunft gekuckt, mengen ech, ass dat, wat eis elo bevirsteet - d'Praxis -, dat, wou nach vill muss dru geschafft ginn. Mir hunn e gudden Kader. Mir hunn e Kader, dee säi Wee fonnt huet an eis Gesellschaft. An trotzdem si Rechter eng Saach. Pabeier ass gedëlleg. Nach muss dat an der Praxis ukommen. Et muss an eis Kultur iwwergoen. Et soll zu enger Selbstverständlechkeet ginn.

D'Prioritéit vun eis alleguerst sollt also elo de gesonden Ëmgang mat dësen Dispositiounen ginn, déi mer hunn, dass mer derfir suergen, dass den Ëmgang mat Rechter, déi mer hunn, eppes Natierlech gëtt, souwuel an eiser Gesellschaft ..., dass mer léieren, eis Gedanken ze maache ronderëm eisen Doud, wat déi normalste Saach vun der Welt ass, well, et ass gesot ginn: Mir stierwen alleguerst. Mir hu just net esou wirklech d'Gewunnecht, eis vill domadder auserneezenesetzen am Virfeld. An dat ass awer dat, wat et brauch, fir dass dat kann esou gutt wéi méiglech oflafen zum Schluss, mat alle concernéierten Acteuren, mat der Famill. Dofir ass et eigentlech wichteg, dass och deen Tabu fällt an dass et eng Selbstverständlechkeet gëtt, sech an der Famill, mat de Kolleegen doriwwer ze ënnerhalen, wéi ee seng eege Valeure setzt, wéi ee sech selwer positionéiert an esou engem Fall, dass dat och gewosst ass, dass dat zu enger Persoun gehéiert.

Et ass och wichteg, weiderzeschaffen am Kontext vun der Prise en charge. Um Terrain bei de Profes-

sionellen ass Empathie gefrot. Et ass Interesséiert fir de Patient gefrot an domadder ass Zäit gefrot, et ass Zäit um Bett vum Patient gefrot, et ass Zäit mat senger Famill gefrot. Et ass Ecoute gefrot an dat ass eppes, wat och net onbedéngt esou selbstverständlech ass an net onbedéngt tarifiéiert ass.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, *Ministre de la Santé*.**- Et brauch Vertrauen an et brauch eng gewëssen Distanz, fir seng eege Valeuren zréckzeschrauwen an ze probéieren ze verstoen: „Wat sinn d'Valeure vum Patient, mat deem ech ze dinn hunn?“, fir dee Mënsch kennen ze léieren, fir ze verstoen, wat säi Wonsch ass, a fir och der Famill eng Entlaaschtung ze sinn, fir wirklech professionnell opgestallt ze sinn, fir am richtige Moment schnell kënnen e gudde a gesonden Ëmgang par rapport zu dëser Thematik ze hunn.

An do gëtt et sécherlech nach vill ze schaffen. Dat soll kee Virwurf u kee sinn, mee dat ass eppes, wat een och muss léieren. Et ass keng Selbstverständlechkeet. Et gehéiert fir mech an d'Formation vum de Gesondheitsberufler, ze léieren heimadder ëmzegoen, déi néideg Reflexer ze kréien, déi richteg Froen ze stellen, déi richteg Attitüd ze developpéieren. Et brauch Sensibilisatioun, sécherlech, et brauch Formation, mee et brauch och e permanenten Erfahrungsaustausch, well et léiert een aus der Praxis an do kann ee vun deem anere léieren. An ech sinn iwwerzeugt, dass sech do och e Réseau wäert bilde vun interesséierten Leit, déi hir eegen Erfarunge kënnen austauschen am Sënn vun enger besserer Prise en charge.

De Respekt, den Interesséierten vum Patient soll am Endeffekt iwwer seng Krankheet eraus bestoen, well ganz oft an dëse Situatiounen ass et mat der Krankheet esou, dass een net méi vill kann dru maachen. Da bleift awer de Patient an deen huet e Recht op eng gutt Begleitung, an dat bis zum Schluss.

Ech begrëssen och ausdrécklech d'Motioun, déi eragerecht ginn ass. Déi Aspekter, déi ugeschwat ginn, si weesentlech. Ech mengen, d'Volontéit vum Patient soll respektéiert ginn. Dat gehéiert zu sengem Recht. Et ass net nëmme säi Recht, et ze äusseren, en huet och e Recht drop, dass ronderëm hien alles esou organiséiert ass, dass e säi Recht och dann ëmgasat kritt, wann et esou wäit ass.

Sensibilisatioun, sécherlech wichteg, soll an den Alldag goen, mee eng Journée nationale fannen ech eng ganz gutt Iddi. An och eng Reflexioun ronderëm déi Zäit, deen Opwand, déi ronderëm esou eng Prise en charge gefuerdert sinn, ass sécherlech derwäert, an der Déift geféiert ze ginn. An ech kann lech och soen, dass ech schonn éischt Gespréicher mat Concernéierten dozou hat. Dat ass eng Pist, déi mer sécher wäerte weider exploréieren, an et ass en Theema, dat ech net esou séier wäert lassloossen.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7480. Den Text steet am Document parlementaire 7480².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7480 et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi bei 56 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;



MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen (par M. Laurent Mosar), Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding), Fred Keup (par M. Gilles Roth) et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer zur Diskussioun respektiv Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun der Madamm Hetto-Gaasch deposéiert ginn ass.

Ass nach een, deem d'Wuert zu där Motioun wëllt ergreifen? D'Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), *rapporteuse*.- Jo, Här President, ech wollt mech eigentlech der Appreciatioun vun der Madamm Ministesch uschléissen. Ech fannen och, dass déi Revendicatiounen hei wierklech ganz zukunftsorientéiert sinn an dass et wierklech elo an dëser Phas drëms geet, dass mer sécher mat deem Tabu vun der Euthanasie solle brieden an dass mer eis d'Moyene solle ginn, fir an der Praxis och kënnen beschméiglech mat dësem Thema ëmzegoen.

Duerfir géif ech recommandéieren, dass mer dës Motioun och unhuelen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hemmen.

Kënnen mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

8. Dépôt d'une résolution par M. Marc Spautz

Da géif ech dem honorabelen Här Marc Spautz d'Wuert gi fir den Depot vun enger Resolutioun. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. Marc Spautz** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de 27. Januar 2021 hat ech d'Éier, am Numm vu mengem Grupp eng Proposition de loi ze hannerleeën, déi och vum Bureau ugehall ginn ass, wat d'Aiden ubelaangt fir an de Btriber, dat war d'Proposition de loi 7754. An do hat ech och Montanten dragesat, mee d'Europäesch Kommissioun an hirer Wäisheet huet déi Montanten nach an d'Luucht gesat ...

(Hilarité)

... op den Datum vum 28. Januar 2021! An dofir géif ech gäre mat enger Resolutioun heibanne froen, dass mer eis als Chamber opfuerderen, dass mer dann och do de Maximum huelen; ech hat de Maximum drageschriwwen, deem nach gegollt huet de 27. Januar, mee well d'Kommissioun den 28. Januar an d'Luucht gaangen ass, dass et dann och soll dee Plaffong sinn, deem d'Europäesch Kommissioun doran erlaabt huet, well d'Kommissioun huet dat gemaach an dofir wär et gutt, wa mer dat och an der Proposition de loi kéinte berücksichtegen. Et geet och an engems drëm, dass een dat alles ka bis den 31. Dezember 2021 ufroen.

An da géif ech och nach gläichzäitig proposéieren, déi Kollegen, déi mat dobausse ware wéi den Här President, et ass jo och do eng Proposition de loi gemaach ginn ass vun de Leit vun der Horeca, dass een déi och soll matberücksichtegen an all deenen lwwerleeungen, déi elo an deenen nächsten Deeg kommen. Ech gi jo dovun aus, dass mer an den nächste Stonne wëssen - den Här Bausch weess scho méi -, wat muer op eis zoukënn, an dass mer dann och all déi Saachen do kéinte berücksichtegen.

Villmools merci!

Résolution

« Révision de la proposition de loi n°7754 relative à la contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises »

La Chambre des Députés,

- vu la proposition de loi n°7754 portant e. a. modification de la loi du 19 décembre 2020 ayant pour objet la mise en place d'une contribution temporaire de l'État aux coûts non couverts de certaines entreprises, déposée le 27 janvier 2021 par notre groupe politique ;

- considérant

• que la Commission européenne a publié le 28 janvier 2021 la cinquième modification de l'encadrement temporaire des mesures d'aide d'État visant à soutenir l'économie dans le contexte actuel de la flambée de Covid-19 et modification de l'annexe de la communication de la Commission aux États membres concernant l'application des articles 107 et 108 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne à l'assurance-crédit à l'exportation à court terme ;

• que cette communication a pour objectif

° de prolonger les mesures énoncées dans l'encadrement temporaire jusqu'au 31 décembre 2021 ;

° d'adapter les plafonds d'aide de certaines mesures afin de faire face aux effets économiques prolongés de la crise actuelle ; et

° de préciser et modifier les conditions applicables à certaines mesures d'aide d'État temporaires que la Commission juge compatibles au titre de l'article 107, paragraphe 3, point b) du traité sur le fonctionnement de l'Union dans le contexte de la pandémie de Covid-19 ;

- lu le communiqué de presse de l'asbl « Don't forget us » et revu la proposition de loi remise aux membres de la Chambre des Députés à l'occasion de la manifestation organisée par celle-ci,

décide

- d'adapter la proposition de loi n°7754 afin d'épuiser au maximum les possibilités offertes par la Commission européenne et en tenant dûment compte des propositions faites par le secteur Horeca.

(s.) Marc Spautz, Félix Eischen, Léon Gloden, Martine Hansen, Laurent Mosar.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Spautz.

9. 7652 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés ;

2° la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7652 iwwert d'Verwendung vu Radaren, déi verschidden Zorte vu Verkéiersdelikter gläichzäitig erkennen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Carlo Back. An dee kritt och elo d'Wuert. Här Back, wannechgelift!

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kollegeinnen a Kollegen, de Kontext vun dësem Projet de loi - wéi gesot, et geet ëm d'Radaren - ass de Plan d'action vun der Verbesserung vun der Sécherheet am Stroosseverkéier, e Plan d'action, dee vun 2019 bis 2023 leeft.

Hei geet et drëms, d'Zuel vun den Autosaccidenter, sief dat mat engem déidlechen Ausgang oder mat schwéiere Verletzungen, drastesch erofzesetzen. An eist laangfristeg Zil ass et, fir guer keng déidlech Accidenter op de Stroosse méi ze hunn, also « Objectif zéro ».

Dëse Projet de loi ass am Kader vun dësem Plan d'action ze gesinn. D'Moossnam Nummer 14 gesäit vir, datt duerch Rout ze fueren, wéi een dat esou schéin op Lëtzebuergesch seet, sanktionéiert sollt ginn, dëst, wéi gesot, fir schwéier Accidenter domat ze ënnerbannen. Ee Beispill vun enger Kräizung, déi lech all bekannt ass, wou an der Vergaangenheet och esou eng Rei Accidenter geschitt sinn, dat ass d'Stäreplaz hei an der Stad.

Fir dat kënnen ze maachen, muss ee sech natierlech och déi noutwendeg Base légale ginn, mee doruwwer eraus och déi néideg Kontroll- a Moossinstrumenter. D'Base légale fir d'automatiséiert Kontroll bei Roude Luuchte gëtt et bekanntlech schonns. Et ass elo schonns verbueden, iwwer Rout ze fueren, mee natierlech, wa kee Polizist do steet, da geschitt och näischt. Hei geet et also ëm Rout-Luuchte-Kontrolle mat automatesche Geräter.

Am Gesetz vum 25. Juli vun 2015 „portant création du système de contrôle et de sanction automatisés“, och nach „CSA-System“ genannt, ass de ganzen Dispositif vun de Kontrollen, déi mat automatiséierte Radare gemaach ginn, festgeschriwwen.

Mat deem haitege Projet passe mir dëst Gesetz eigentlech just op engem zentrale Punkt un. Den aktuellen Dispositif definéiert momentan véier Infraktiounen, déi kënnen mat Système CSA per Radar kontrolléiert a sanktionéiert ginn. Mam virleiende Gesetzesprojet gëtt et an der Zukunft méiglech, mat engem eenzege Radargerät net nëmme méi eenzel Infraktiounen feststellen, mee simultan méi Infraktiounen ze identifizéieren.

An der Praxis soll dat nom Vott vun dësem Projet de loi mat der kombinéierter Kontroll vun der Vitess a vum Respekt vun der Rouder Luucht op der Stäreplaz geschéien. Zweek weider Emplacementer fir dëse Rout-Luucht-Kombiradar si schonn am Gespräich, notament d'Rue de Hollerich an de Schlammestee.

Grondsätzlech gesäit de CSA-Dispositif folgend Infraktiounen vir, déi de Radar kann identifizéieren: ze héich Vitess vu Gefierer op enger preziser Plaz, dat heescht op enger Plaz, wou d'Autoen op de Radar zoufueren oder sech eloignéieren - dat kenne mer elo schonns -; ze héich duerchschnëttlech Vitess tëschent zwee Punkten - „Section-Control-Radaren“ - an dann den Netrespekt vun enger Rouder Luucht, mee och vun anere Luuchtesignaler; en ze klengen Ofstand tëschent zwee Gefierer; d'Fueren iwwer eng Bande d'arrêt d'urgence wéi zum Beispill beim Rietsiwwerhuelen op der Autobunn oder d'Fueren iwwer eng Strooss, déi gespaart ass, oder en Deel vun der Strooss, dee fir aner Gefierer reservéiert ass, zum Beispill d'Fueren op enger Busspuer - do ass et net erlaabt fir Autoen.

Dëse Projet de loi wäert dem Minister et erlaben, Moossinstallatiounen opzeiichten, déi dës Versteiss kënnen simultan erfaassen.

En zweete Punkt, deem am Gesetz vun 2015 iwwert d'Radare geännert soll ginn, betrëfft d'Prozedur vun der Amende forfaitaire. Et gëtt Fäll, wou eng Persoun, déi en Avertissement taxé misst bezuelen, weeder bannent 45 Deeg nom Bescheed nach op de Rappellbrëif vum CSA reagéiert, also dësen Avertissement taxé net contestéiert huet, mee och net bezuelt huet. Am Fall, wou et eng Infraktioun ouni Punktverloscht betrëfft, gëtt dësen Avertissement taxé dann an eng Amende forfaitaire an duebeler Héicht vum Avertissement ëmgewandelt.

Am Artikel zu dëser Prozedur huele mir op Propos vun Staatsrot hin eng terminologesch Ännerung vir an ersetzen d'Expressioun „personne pécuniairement responsable“ duerch „personne redevable du paiement de l'avertissement taxé“.

Den drëtte Punkt, dee mir änneren, an am Fall, wou et an der CSU-..., an der CSA-Prozedur, pardon ...

(Hilarité)

Dat ass eppes aneres.

■ **Une voix**.- Eppes ganz aneres!

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Eppes ganz aneres, richtig, jo.

Also, am Fall, wou et an der CSA-Prozedur eng Contestatioun vum Avertissement taxé gëtt, proposéiert de virleiende Projet eng administrativ Vereinfachung opsäite vun der Police an der Justiz.

Fir en Avertissement taxé ze contestéieren an zum Beispill matzedeele, datt ee selwer guer net de Chauffeur vum geblëtzte Gefier war, gëtt et e spezielle Formulaire, deen ee muss ausfüllen, ënnerschreiwen a mat den eventuellen néidege Justificativen un de Centre national de traitement schécken.

Momentan ginn dës Contestatiounen an enger éischter Phas vun engem Agent oder Officier de police judiciaire op hir Komplettheet kontrolléiert. Wann en Dossier komplett an d'Contestatioun deemno recevabel ass, gëtt dee betreffenden Agent oder Offizéier den Dossier weider un de Procureur, deen da muss déi néideg Suiten decidéieren.

Ass den Dossier awer elo net komplett, gëtt weinst dem feelende Justificatif d'Dokument refuséiert, da muss de Mataarbechter doropshin e formelle Procès-verbal zu dëser Decisioun schreiwen a gëtt dann dee Procès-verbal virun un de Procureur.

Mat deem virleiende Projet gëtt d'Obligatioun vum Procès-verbal bei an der Form irrecevablen Dossieren ofgeschaaft. Dëst vereinfacht d'Prozedur an d'Charge de travail souwuel op der Säit vun der Police genee esou wéi um Parquet, deen net méi mat Procès-verballen zu Contestatiounen befaasst gëtt, déi souwisou irrecevabel sinn, well de Justificatif fir d'Behauptung respektiv fir de Motif vun der Contestatioun feelt.

Dann, e leschte Changement betrëfft d'Gesetz vum 14. Februar 1955 „concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques“ an d'Ausnamegeneemegungen a puncto Maximaldimensiounen a Maximalgewiicht vu Gefierer, déi den zoustänneg Minister an exceptionelle Fäll ka ginn. Bis elo goufen déi maximal zoulässeg Gréisst an d'Gewiicht vun engem Gewier ..., Gefier inklusiv senger Ladung fixéiert.

(Hilarité générale)

Dëse Projet ...

(Hilarité et interruption)

Jo, mee et ass näischt do, ...

■ **Une voix**.- Dir gitt jo net op d'Juegd!

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- ... näischt do.

Dëse Projet setzt elo nach de Chargement als separate Punkt derbäi an erlaabt deemno dem Minister,

bei esou Ausnamegeneemegunge kënnen kloer tëschent Gefier a Chargement ze ënnerscheeden.

D'Gesetz ass den 20. August 2020 deposéiert ginn. D'Chambre des Métiers huet e positiven Avis zum Gesetz ofginn. D'CNPD huet en Avis ofginn, deen an der Sëtzung vun der Kommissioun vun der Mobilitéit an den ëffentlechen Aarbechte vum 4. Februar 2021 analyséiert gouf. De Staatsrot huet en éischten Avis den 19. Dezember 2020 ofginn. Hei war eng Opposition formelle, déi awer no eisen Amendementer am Avis complémentaire vum 2. Februar konnt opgehewe ginn. An der Sëtzung vun der Kommissioun vum 4. Februar dëst Joer huet d'Kommissioun de Rapport ugehall. D'Piraten haten an dëser leschter Sëtzung zum Projet en Amendement eraginn, deen d'Kommissioun net iwwerholl huet.

Merci fir d'Nolauschteren. Ech gesinn, Dir waart ganz attentif, dofir e grouse Merci un lech. An ech ginn elo den Accord och vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Rapporteur, dem honorabelen Här Carlo Back.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi Rapport. E war ganz komplett.

Ech wëll direkt och soen, datt mer zu 100 % dee Projet de loi hei ënnerstëtzen, well e weider Mesuren aféiert, fir d'Verkéierssicherheit ze verstärken.

Ech wëll just gären déi eng oder déi aner Fro nach un de Minister stellen. Et gëtt jo elo ..., haaptsächlech wäert dat net Element och sinn, datt een an Zukunft och ka geknipst ginn, wann een duerch eng Rout Luucht fiert. Et gëtt jo elo emol dräi Pilotprojeten oder bei dräi éischte Kräizunge gëtt domadder ugefaangen: op der Stäreplaz, zu Hollerech an der Hollerecher Strooss an och um Schlammestee.

Wat sinn déi nächst Schrëtt? A wéi gitt Der do vir, fir déi Kräizung oder déi Rout Luucht ze definéieren, déi Geforepunkten, fir am Land och nach weider Radaren op de Roude Luuchten anzeféieren? Op wat stäipt Der lech do genee? Sinn dat Statistiken iwwert d'Accidenter oder d'Rapporte vun der Police oder d'Erfarung vun de Gemengen? Wéi maacht Der et, fir elo weider Geforepunkten ze detektéieren, wou dat Sënn mécht, fir déi Radaren anzeféieren? Nach eng aner Fro ass: Wéi maacht Der et, datt déi Radaren och wierklech am Kräizungsberäich all déi Geforepunkten, déi do bestinn, ofdecken?

An e lescht Element ass, well d'Fro, mengen ech, och gestallt gi war, ob een net och misst iergendwéi driwwer nodenken ze kucken, wa Leit während dem Fieren um Handy sinn, wéi dat an Zukunft kéint detektéiert respektiv sanktionéiert ginn.

Ech wollt déi do dräi Punkte mat op de Wee ginn an lech dann nach eng kéier soen, datt mer zu 100 % deen heite Projet de loi ënnerstëtzen an eisen Accord derzou ginn. Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. E grouse Merci dem Rapporteur Carlo Back fir säin, jo, wéi gewinnt, ganz gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als DP sti mir natierlech voll a ganz hannert dësem Projet, well mer der Meinung sinn, dass mer hei eng Mesure ergreifen, fir d'Verkéierssicherheit ze verbessern, an dëst besonnesch fir déi schwächste Glidder am Verkéier, d'Foussgänger. An ech mengen, an där Hisiicht kann ee sécherlech net genuch maachen. All Blesséierten ass een ze vill!

Ech denken zum Beispill un d'Stäreplaz, wou et ëmmer nees zu brenzelege Situatiounen kënn, besonnesch elo an der däischerer Joreszäit. D'Gréngphase vun de Foussgänger an den Autoe sinn do relativ séier noeneen an et ass vill Traffick. D'Leit si gestresst an dann hutt Der effektiv verschidde Chauffeuren, déi léiwer nach eng kéier séier op de Gas trëppelen, wann et schonn hellrout ass, amPlaz stoen ze bleiwen, an da kënn et reegelméisseg vir, dass d'Foussgänger awer scho Gréng hunn, an et kann ee wierklech nëmme vu Gléck schwätzen, dass et do net nach méi oft zu schroen Accidenter kënn.

Här President, léif Kollegen, dat ass nëmme ee Beispill. Där ginn et sécherlech nach ganz vill op ganz anere Plazen hei am Land. An do muss de Staat vun den technesche Méiglechkeete Gebrauch maachen, déi et hautdesdaags gëtt, fir esou Chauffeuren, déi d'Liewen an d'Gesondheet vun anere muttwëlleg op d'Spill setzen, och ze bestrofe respektiv fir en Ofschreckeffekt ze produzéieren.